

Embargo bis den 1. Mee 2015 um 11 Auer

(Et zielt daat geschwaate Wuert.)

**Léif Kolleginnen a Kollegen,
(Begréissung)**

Erlaabt mir lech alleguerten ganz häerzlech op eiser 1. Mee-Manifestatioun hei zu Beetebuerg ze begréissen.

En häerzlechen Merci un d'Memberen vum Organisationscomité fir déi vill Aarbecht, déi si hei am Kader vun der 1. Mee-Manifestatioun gelescht hunn.

E grouse Merci och un d'Gemengenautoritéien, den Schäfferôt vun der Gemeng Beetebuerg, den Service Technique, d'Police an d'Protection civile.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir manifestéieren an engagéieren eis haut um 1. Mee hei zu Beetebuerg fir eng Politik am strikten Interêt vun de Salariéen.

En 1. Mee deen Enn vum 19. Jorhonnert vu Gewerkschaften weltweit an d'Liewen geruff gouf fir op gravéierend Mësstänn an der Aarbechtswelt hinzeweisen an Fuerderungen duerchzesetzen fir d'Aarbechtskonditiounen vun den schaffenden Leit ze verbesseren.

Esou gouf den 1. Mee, 1890, daat sin elo 125 Joer, den 8 Stonnen-Dag agefuert.

Kolleginnen an Kollegen,

Och wann an deem leschten Joerhonnert enorm Fortschrëtter erreecht goufen, esou sinn dach verschidden Fuerderungen vun deemools erschreckend aktuell.

- Fuerderungen no enger Existenzofsecherung vun den Salariéen, no secheren an adequaten Aarbechtsplaatzen an enger Pai déi ët den Leit an hiren Familien erlaabt dovunner dezent kënnen ze liewen.
- Fuerderung no enger funktioneller sozialer Secherheet no enger qualitativer Kranken- an Pflegeversecherung no enger anstänneger Pensioun sin sëcherlech ënner aneren Viraussetzung ewéi virun 125 Joer nach ëmmer absolut indispensabel.
- Fuerderung no méi Demokratie an d'Mattsproocherecht an der Aarbechtswelt, och déi Fuerderung realiséiert sech nët vum selwen, mee nëmmen duerch eisen Asaatz.

Kolleginnen a Kollegen,

Op eist Land iwwersaat heescht daat fir d'alleréischt emol datt mir eis de reellen Problemer mussen bewosst ginn, dës Problemer ugoen an Léisungen ausschaffen.

Mee Kolleginnen a Kollegen,

Waat sinn dann Problemer hei am Land?

Et gët een Gefill nët lass wéi wann eis Regierung am Gange wier nach no de Wandmillen ze sichen déi se wëll bekämpfen!

Ët kënn nët sinn, datt den Regierungsprogramm sech op Sondagen, Auditen an déi sougenannten gesellschaftspolitesch Verännerungen limitéiert.

Kolleginnen a Kollegen,

D'Problemer an dësem Land sinn a bleiwen de Chômage an déi Mesuren déi mir géint dësen Chômage op de Wee brengen oder besser déi mir bis elo nach onfähig waren op de Wee ze brengen!

Ee Problem hei am Land stellt och eng Regierungspolitik duer déi durch den Lobbismus stark ënnergruewen gët.

De Fait datt dës Regierung anscheinend keng Politik definéiert kritt ouni datt e Consultant en Audit mecht ass en Aarmutszeugnis fir dës Regierung.

Ët kéint een baal mengen, wéi wann een sech hannert dësen Consultanten wëll verstoppen, well een entweder de Leit d'Wourecht nët wëll soen oder well en selwer nët vill Ideen huet.

Mir fuerderen dofir dës Regierung onmëssverständlech op fir d'Intérêten vun de Salariéen aus dem Privatsekteur grad esou seriös ze huelen ewéi se daat mat der Lobby vun der Finanzwelt, den Patronatsorganisatiounen, den Umweltverbänn an dem Secteur Public mecht.

Ët ass dach inakzeptabel datt den Accord vum 28. November 2014 waat Lohnfortzahlung am Krankheitsfall an 52-Wochen Regelung am Fall vun ganz schwéieren Erkrankungen déi prinzipiell schon geléist sin, nach ëmmer nët emgesaat ass, well d'Patronen elo erem dës Léisung blockéieren.

Et ass iwwerfälleg datt eis Regierung en Offenbarungseid leescht.

Ass eis Regierung eng Regierung fir onst ganzt Land also och fir d'Leit déi am Privatsekteur schaffen oder ass si am Spannungsfeld vun den verschiddenen Interessensgruppen verluer an onfähig eng koherent an sozial gerecht Politik ze definéieren.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir brauchen an dësem Land dringend en politeschen Reequilibrage zugonschten vun deenen Leit déi am Privatsekteur schaffen.

Ët sinn nämlech dës Leit, déi den Reichtum hei am Land kreéieren an erschaafen.

Ët sinn d'Leit aus dem Privatsekteur, déi d'Suen eranbringen wou anerer schnell do sinn fir se ze verdeelen.

Mir fuerderen also nët nemmen sozial Gerechtegheet fir den Privatsekteur mee och dee Respekt deen dësen Salariéen hei zousteet.

Doriwer eraus, ass den LCGB iwerzeegt datt eng besser Integratioun, méi Mateneen, vun allen Bierger hei am Land iwert e puer Pisten muss viséiert ginn:

Wahlrecht an Nationalitéit sinn dobai zwee méi visibel Aspekter.

Allerdings mussen an dësem Kontext weit méi Efforten gelescht ginn ewéi daat bis elo virgesinn ass.

Ët ass och aus dësen Grënn, datt den LCGB sech fir d'Wahlrecht vun allen Matbierger hei am Land ausschwätzt.

Mir briedchten hei am Land eng breet Diskussioun op villen Plaahtzen an eiser Gesellschaft fir en Konsenz kënnen ze fannen, e Konsenz kënnen ze definéieren wéi mir eis Gesellschaft an den nächsten Joeren wëllen ausriichten.

Fir méi Mateneen hei am Land, fir alleguerten d'Biirger hei am Land kënnen zesummen ze féieren.

Dësen Wee wëllt d'Regierung awer nët goen, villeicht wëll en hier zevill schwéier a mat zevill Engagement verbonnen ass. Villeicht wëll en hier och zevill lang dauert.

Mee dëst wier deen eenzegen Wee gewierscht deen schlussendlech hätt können en Succès fannen.

Awer waat mecht Regierung?

Si verstoppt sech hannert engem Referendum.

Dësen Referendum, zumindest an där Form ewéi en decidéiert ass, brengt eis keen Millimeter weider!

De Referendum, an och déi artificiel Diskussioun déi elo vum halwe Mee un virgesinn ass, können hei nët dee richtege Wee sinn.

Och de Referendum iwver d'Ausländerwahlrecht huet höchstwahrscheinlech nëmmen eng Alibifunktioun an ët ass dee falsche Wee fir dës Fro ze léisen.

Am Referendum, an daat kënnegt sech elo schons un, wärt mat den Ängschten an den Emotiounen vun den Leit gespillt ginn.

An d'Regierung kuckt deem Spill elo schons machtlos no, ass also vum Akteur zum Observateur vun dësem politeschen Geplänkels ginn.

Extremisten an Populisten vun allen Borden notzen elo dës Situatioun aus, fir sech mediengerecht an d'Bild setzen.

Fir dëst desastréist Bild vun eisem Land, muss d'Regierung d'Responsabilitéit iwverhuelen.

An d'Regierung ass och Responsabel, wann dësen Referendum bei de Leit wärt duerchfaalen an domadder e Rëss riskéiert an eiser Gesellschaft ze entstoen deen laang wärt brauchen bis en dann heelt.

Den Imageverloscht am Ausland an dësem Fall hätten mir eis och kéinten erspueren.

Kolleginnen a Kollegen,

Dëst Land brauch eng Regierung déi endlech Neel mat Käpp mecht, awer am Interessi vun den Salariéen aus dem Privatsekteur.

Bis elo ass ausser Ukënnegungspolitik nach nët vill passéiert. D'Regierung steet bei eis am Wuert a mir erwaarden, datt se sech dorunner hält.

Den LCGB fuerdert also d'Regierung op, endlech eng méi aktiv an effikace Politik géint de Chômage op de Wee ze brengen.

Mir hunn eis Iwwerleeungen zu deem Sujet schon lang op den Dësch geluegt an bis elo nach nët vill Konkretes als Äntwert kritt.

Den LCGB fuerdert d'Regierung op, am Kader vun der aktueller Diskussioun ëm d'Öffnungszeiten am Commerce, och un d'Salariéen an dësem Sektour vun der Economie ze denken.

Mir verlangen also eng Diskussioun iwwert d'Aarbechtszeiten an dësem Sektour an iwwert d'Rouzeiten déi hei den betroffenen Mattaarbechter zougestanen gin fir kënnen hiert d'Familienliewen ze organiséieren an, jo am Fong, fir hiert d'Familienliewen nach kënnen ze liewen.

Aus dësem Grond fuerdert den LCGB och d'Regierung op an der aktueller Diskussioun ëm eng zousätzlech Flexibiliséierung vun den Aarbechtszeiten op en schnellt Enn ze kommen.

Och en Salarié aus dem Privatsektor huet Recht ob en Privat- an Familienliewen!

Mir refuséieren all zousätzlech weider Belaschtung vun den Salariéen an deem Kontext.

Déi aktuell gesetzlech Bestëmmungen souwéi d'Kollektivverträg, erlaaben eis elo schon de Besoin vun de Betrieber hei kënnen Rechnung ze droen.

Well Kolleginnen an Kollegen,

An dësen Betrieber schaffen Mënschen an keng Roboter.

D'Patronatsfuerderungen sin einfach inakzeptabel.

Amplaaß iwwerdriven an onnéideg Fuerderungen am Bereich vun den Aarbechtszeiten ze stellen, misst d'lëtzebuurger Patronat emol iwwert hier Politik am allgemengen Nodenken an do emol méi flexibel an hieren Gedanken an Iwwerleeungen ginn.

Onverschiemt, jo carrément e Skandal ass d'Haltung vum Patronat am Dossier vun den 52-Wochen Krankmeldung.

Eng Léisung déi d'Regierung proposéiert huet fir hei Remedur ze schaafen ass an leschter Minutt vum Patronat an sengen Responsabelen blockéiert ginn.

Et schéngt also esou ze sinn, datt d'Mataarbechter an hieren Betrieber déi Responsabel vun der UEL iwverhaapt nët interesséiert.

Dëst gëllt och am Kader vun der Lohnfortzahlung am Krankheetsfall.

Diskussioun ëm den Absentéismus leeft an déi selwescht Richtung.

Obwuel mir wëssen datt de ganz groussen Deel vum Absentéismus op schlëmm Erkrankungen zereckzeféieren sinn, stellt een sech hei ewéi wann een ët mat lauter Simulanten ze dinn hätt.

Ët schengt also kloer ze sinn, datt fir en Deel vun der UEL hier Mataarbechter eng Ressource sinn déi een benotzt an wann ët nët méi klappt dann wiesselt een se.

Vun dësem Gedanken bis zum Prinzip vun der mënschlecher Wegwerfware ass ët nëmmen een klengen perversen Schrëtt.

Mee d'Pervisioun am Denken vun eisem Patronat hält hei nët op.

D'Léierbuden machen mir zou, d'Education nationale gëtt awer ferme kritiséiert.

An wann ët guer nët méi geet dann grënnen mir schnell e puer Formation-Continue Zentren déi zwar eng excellent an héichwerteg Formatioun ubidden, wou awer een ganz batteren Nogeschmach bleiwt.

An zwar deen, datt fir eis d'Patronat d'Economie zum Selbstzweck ginn ass.

De Profit steet nët nëmmen virum Mënsch, mee den Profit steet iwwert allem.

Dësen Danz ëm daat gëllend Kallef ass onsittlech an onmoralesch.

Kolleginnen a Kollegen,

D'Patronat muss unerkennen datt d'Economie fir datt se funktionnéiert och e sozialen an nohaltegen Zweck muss hunn.

Och e Patron huet eng gesellschaftlëch Verantwortung.

A verschiddener von eisen Patronen missten sech emol froen waat „sozial Marktwirtschaft“ eigentlech heescht.

D'Patronat muss endlech begreifen datt niemt den Resultater an Beneficer déi jo generéiert mussen ginn och eng sozial Responsabilitéit do ass déi si mussen assuréieren.

D'Patronat muss begreifen datt een sech nët nëmmen kann d'Korinten aus dem Kuch picken.

Mee datt een och fir eng Politik muss suergen, déi op sozialem Ausgleich, an sozialer Ofsecherung setzt.

D'Patronat muss also hier Verantwortung huelen dëst besonnesch am Bereich vun der Formatioun an dem Encadrement vun jonken Leit, vun jonken Chômeuren.

D'Patronat muss endlech begreifen datt d'Mataarbechter nët hiert d'Feindbild sinn, an datt hier Salariéen och berechtigt Besoinen hunn déi iwwert d'Ausbezuelen vun de Paien erausginn.

Sozial Ofsecherung, an d'Familienliewen, mussen als e Ganzt verstanen ginn déi ët dem Betrieb erlaaben an enger konstruktiver, gudder Ambiance ze funktionnéieren.

Nëmmen esou kann een e gudden Rendement fir de Betrieb errechen!

D'Mataarbechter sinn déi wertvollst Ressource déi e Betrieb huet!

Dofir Kolleginnen an Kollegen,

Eisen Message un d'Hären vum Patronat, esou nët, ët geet elo deck duer.

Mir fuerderen dofir d'Regierung op an all dësen Dossieren kloer Akten ze setzen!

Wann dës Regierung eng sozial Komponente wëll hunn, dann muss si hei agéieren.

Den LCGB fuerdert d'Emsetzung vun deenen Regelungen vun der 52-Woch Krankmeldung an der Lohnfortzahlung am Krankheitsfall, ewéi se am Comité Permanent du Travail et de l'Emploi vun der Regierung als Kompromess proposéiert goufen.

Den LCGB fuerdert d'Regierung op onmessverständlech kloer ze stellen, datt ët keng weider Flexibilisatioun vun den Aarbechtszeiten wärt ginn.

Den LCGB fuerdert den strikten Respekt vum Accord vum 28. November 2014 wou d'Regierung sech kloer engagéiert huet, fir eis Kranken- an Pensiounsversecherung ouni Verschlechterungen matt konstanten Cotisatiounen an gleicher Qualitéit vum Service weider ze féieren.

Besonnesch am Kader vun der Reform vun der Pflegeversecherung fuerdert den LCGB e kloert Weiderféieren vun qualitativen héichwertegen Prestatiounen.

Dës Reform duerf op kee Fall nëmmen duerch eng finanziell Approche charakteriséiert sinn.

Mir fuerderen eng administrativ Vereinfachung vun der Evaluatioun, eng besser Preventioun durch Prestatiounen déi fir déi betreffen Leit éischer an méi einfach disponibel ginn an eng Iwwerprüfung vun der Qualitéit vun de Prestatiounen op allen Niveauen.

Den LCGB fuerdert d'Regierung op an der uvisierter Steierreform dofir ze suergen, datt d'Laschten hei am Land méi gerecht verdeelt ginn.

D'Salariéen aus dem Privatsektor sinn déi, déi bis elo fir dës Kriis bezuelen.

Well se zousätzlech Steieren an Belaschtungen mussen schëlleren.

Well se ëmmer erem sech mussen Suergen ëm hier Aarbechtsplatz an domadder Existenzofsicherung mussen maen.

An well hier Kaafkraft och duerch d'Resultater vun den Kollektivverträg am Privatsektor an den leschten Joren nët konnt verbessert ginn.

Den LCGB fuerdert en Afféieren vun enger verbesserten Prérétraite-Progressive dëst ass fir eis déi eenzeg gangbar Alternativ wann een dann wirklech d'Prérétraite-Solidarité wëll ofschaafen.

Am Kontext vun verschiddenen Patronatsaussoen fuerdert den LCGB eng Verbesserung vum Kënnegungsschutz, besonnesch waat de Krankheetsfall an den licenciement pour raison économique ugeet.

Schlussendlech fuerderen mir d'Regierung op fir eng méi diversifiéiert an breet opgestallten Economie hei am Land ze suergen.

Mir brauchen méi Aarbechtsplätzen déi och dem Profil vun eisen Chômeuren entsprechen fir dësen Fleau an de Grëff ze kréien.

D'Regierung huet bei hierem Untrëtt eng ganz Rei vun Initiativen ugekënnegt fir nei Betriber an d'Land ze kréien.

Betriber déi eng nohalteg Plus-Value brengen an daat op allen Niveau'en.

Mir warden also matt Ongedold op dës nei Aarbechtsplätzen!

Mir warden mat Ongedold wëll déi lescht Joren eis virun Aan gefouert hun, datt den Geschäftsmodell vun eiser Economie an enger Sackgaass ukomm ass an dringend nei definéiert muss ginn.

Eis Finanzplätz mutéiert sech, se restrukturéiert sech an se gët och e Steck méi kleng.

Regelméisseg verloossen Banken d'Finanzplätz Lëtzebuerg. Ët sinn der esou 12 déi zanter 2008 Lëtzebuerg de Reck gedréint hunn an seit ronn 50 Sozialpläng hunn iwwer 2.600 Salariéen hier Plätz verluer.

Mee nët nëmmen d'Finanzplätz ass am Ëmbroch.

D'Nischenpolitik op der Finanzplätz, beim E-Commerce oder bei den berühmt berüchtigten Steierrulingen ass eriwier.

Déi nächst Joren wärten Initiativen an Direktiven op europäeschem Niveau no sech zéien déi esou eng Nischenpolitik ganz schwiereg wann nët esou guer onméiglech maen.

Daat huet direkt Konsequenzen op eisen Staatsbudget, op den Equiliber vun den Staatsfinanzen.

D'Regierung muss also nei Recetten generéieren an d'Depensen reduzéieren.

Dëst ass am beschten an am schnellsten méiglech duerch Créatioun vun neien Aarbechtsplätzen déi dann och prioritär mat Chômeuren besaet missten ginn. Och wann do nach Formatioun muss gemeet ginn.

Dëst ass secherlech déi gréisst Erausfuerderung fir eis Regierung.

An dëst stellt och e gudden Deel vun der sozialer Verantwortung duer, déi d'Employeuren hei am Land mussen assuméieren.

Dobei misst eis Regierung jo dann och mam gudden Beispill virgoen, do wou si am Privatsektor als Aktionär oder Employeur Responsabilitéit dréit.

Dëst ass zum Beispill bei der Cargolux de Fall.

En Betrieb wou massiv finanziell Moyenen agesaat ginn, e Betrieb deem den Dréi an Angelpunkt vum lëtzebuurger Logistiksektor ass.

Dësen Betrieb brauch kloer Strukturen am Management, en Businessplang deem den lëtzebuurger Standort stärkt an déi hieseg Aarbechtsplätzen ofsichert.

Dësen Betrieb a besonnesch seng Mattaarbechter brauchen hei déi néideg Rou fir sech den Erausforderungen an engem Deel vun eiser Economie ze stellen, deem direkt duerch déi weltweit Entwecklung beafflosst gëtt.

Drangsaléieren, Drock opbauen an seng Leit veronsëcheren ass néfast fir dësen Betrieb. Ass nüt fair, nüt ethesch an onmoralesch.

An wann daat d'Virgehensweis vum Management bei der Cargolux wier, esou riskéiert dës Virgehensweis enges Dags dann d'Quittung ze kréien, déi se och verdengt huet.

Ët soll kee en Zweifel drun hunn datt mir dësen Problemer bei der Cargolux noginn an wann néideg matt alleguerten de Moyen'en déi mir a Dispositioun hunn.

D'Geschirrkëscht steet prett, an wann néideg dann huelen mir se eraus.

Kolleginnen a Kollegen,

Dir gesidd datt d'Erausfuerderungen grouss sinn.

Dir gesidd datt Salariéen am Privatsekteur stark an politësch ongebonnen d'Gewerkschaften brauchen.

Gewerkschaften déi matt der Regierung an den Employeuren um Dossier diskutéierten an argumentéierten.

D'Gewerkschaften, déi mat allen Akteuren wëllen zesammenschaffen wann daat am Intérêt vun de Leit ass.

D'Gewerkschaften also déi hier Meenung hunn an se och soen, déi sech awer aus dem politëschen Wahlgeschäft eraushalen.

Den LCGB verdeelt keng Zensuren an och keng Sympatiepreiser.

Mir brauchen eisen Memberen nët ze soen wien se sollen wielen oder nët, well eis Memberen sinn Erwuessen an Intelligent genug fir sech selwer kënnen e Bild vun der Parteienlandschaft ze man an deenen de Reck ze stärken déi an hiren Intérêten wärten agéieren.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir setzen eis all Dag fir eis Memberen an.

Mir hun eis Servicer an Prestatiounen staark erweiert an verbessert.

Kolleginnen a Kollegen,

Daat ass eisen Wee, daat ass d'Art an Weis wéi mir eis Gewerkschaftsaarbecht gesinn an se och wëllen liewen.

Dofir stinn mir fir eng Politik an Intérêt vum Privatsekteur!

An domadder fir eng fair an sozialgerecht Gesellschaft.

Dofir,

Vive den I. Mee!

Vive den LCGB!

Merci, datt Dir haut deelgeholl hutt an Merci fir Äer Opmierksamkeet.